



Äntfert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6456 vum 6. Juli 2022 vun den honorabelen Députéierten Fernand KARTHEISER a Fred KEUP iwwert « Matériel à disposition des agents policiers »

Ad 1):

Déi ugeschwaten Demande ass der Generaldirektioun bekannt. Déi betreffen Unitéit verfüügt aktuell iwwer 5 Printer bei engem Effectif vun 13 Leit. Opgrond vun engem neie Printer-Projet deen usteet gouf matgedeelt, dass defekt Material bis op Weideres net géif ersat ginn. Et ass och ze ënnersträichen, dass op all Stack mindestens ee Printer disponibel ass.

D'Erneuerung vum komplette Bestand vun de Printer ass duerch eng „procédure ouverte“ ugangs 2022 ausgeschriwwen ginn.

Ad 2) an 3) :

D'Konzept vum mobille Schaffen ass en Deel vun der Digitalisatioun, déi d'Police am Gaang ass auszeschaffen. An dësem Kader geet et net duer fir Hardware zur Verfügung ze stellen, mee den Accèsen op d'Police-Systemer muss och garantéiert sinn. Dat setzt viraus, dass den Environnement fir e mobillen Accès konfiguréiert ass an dass mobil Applikatiounen an och d'Sécherheet vum Réseau garantéiert sinn. En attendant, dass déi néideg Etuden an d'Konfiguratioun wäit genuch fortgeschratt sinn, mécht et aktuell kee Sënn Material ze finanzéieren an ze verdeelen dat net an dat finaalt Konzept passt. Deementspreechend ginn de Moment ausser normale Smartphone keng mobil Geräter fir de polizeilechen Aussendéngscht vun de Kommissariater virgesinn.

Ad 4) :

Wéi hei uewen driwwer erkläert ass, si nei Konzepter an der Ausschaffung oder an der Ëmsetzung.

Wéi bei all aneren informatésche Projeten sinn aktuell Verzögerungen an de Liwwerzäiten ze erwaarden. Genee Datumen kënnen, Stand haut, leider net genannt ginn.

Lëtzebuerg, den 8. August 2022

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure